N° 8208
Entrée le 04.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 07.08.2023

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/08/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Landwirtschaft weiderzeleeden.**

An hirem Programm vun 2018 huet sech d'Regierung verflicht bis 2025 minimum 20% vun de landwirtschaftlechen Uewerfläch fir biologesch Landwirtschaft ze benotzen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Prozent Uewerfläch gouf 2018 fir biologesch Landwirtschaft benotzt?
2. Wéi vill Prozent Uewerfläch gëtt haut fir biologesch Landwirtschaft benotzt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

**Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°8208 vum éierbaren Deputéierten Goergen Marc**

**1.Wéi vill Prozent Uewerfläch gouf 2018 fir biologesch Landwirtschaft benotzt?**

Stand Enn Oktober 2018 si 4,55% vun der nationaler SAU (surface agricole utile) fir zertifiéiert Biolandwirtschaft genotzt ginn.

**2.Wéi vill Prozent Uewerfläch gëtt haut fir biologesch Landwirtschaft benotzt?**

Stand Enn Juli 2023 si 6,94% vun der nationaler SAU fir zertifiéiert Biolandwirtschaft genotzt ginn.

Lëtzebuerg, den 25 August 2023

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN